



Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géinge mir Iech bidden, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

De 5. Mee 2021 huet d'Regierung eng gréisser Reform vun de Gesondheetsberuffsformatiounen ugekënnegt mam Ziel fir d'Rentrée 2023/2024 e Bachelorstudiegang fir „Infirmier de soins généraux“ op der Universitéit vu Lëtzebuerg unzebidden. Déi folgend Jore sollen dann nach 4 Bachelorstudiegäng fir spezialiséiert Infirmieren an 2 Bachelorstudiegäng fir d'Hiewamsformatioun nokommen.

Gläichzäiteg gesäit d'Gesetz vum 11. Januar 1995 iwwert d'Reorganisation vun den Infirmièresschoule vir, dass fir all Froen oder Reglementer betreffend der Formatioun vum Gesondheetspersonal e *comité interministériel* sän Avis kann ofginn, respektive sollicitéiert ka ginn, deen niewent dem Direkter vum LTPS, aus zwee Delegéierte vum Gesondheetsministère an 3 Delegéierte vum Héichschoulministère zesummegeat ass.

An dësem Kontext géinge mir gär folgend Froen un d'Madame Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung stellen:

- Ass den uewegenannte *comité interministériel* schonn eng Kéier zesummekomm fir iwwert déi geplangte Reform vun de Gesondheetsberuffsformatiounen ze diskutéierten?
- Am Fall wou de *comité interministériel* schonn eng Kéier zu dësem Sujet zesumme komm ass, wéi eng Conclusioun goufen zeréck behalen,

respektive wat war den Avis vum *comité interministériel* zu der geplangter Reforme vun de Gesondheetsberuffsaformatiounen?

- Ass e méiglechen Avis zu der Reform vun den Gesondheetsberuffsformatioun op eng Demande vum Gesondheetsministère oder dem Héichschoulministère zeréckzeféieren, oder ass deen aus enger eegener Initiative vum *comité interministériel* ervirgaangen?
- Wéi ass déi aktuell Zesummesetzung vum *comité interministériel*?
- Wien assuréiert de Moment d'Présidence vum *comité interministériel* ?


Här President, mir bieden Iech onsen déifste Respekt unzehuelen.



Martine Hansen

Deputéiert

Co-Fraktiounspresidentin



Claude Wiseler

Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch, vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung a Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 6021 vum 4. Abrëll 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Claude Wiseler a vun der honorabler Deputéierter Madamm Martine Hansen

- Ass den uewegenannte comité interministériel schonn eng Kéier zesummekomm fir iwwert déi geplangte Reform vun de Gesondheetsberuffsformatiounen ze diskutéieren?

Den uewegenannte Comité interministériel ass aktuell nach net zesummekomm fir iwwert déi geplangte Reform vun de Gesondheetsberuffsformatiounen ze diskutéieren an zwar aus folgende Grënn: d'Reform vun de Gesondheetsberuffsformatiounen déi d'Regierung envisagéiert, betrëfft net nëmmen d'Ministèren, déi am Comité interministériel vertruede sinn, mee och aner Ministère. Dofir gouf d'Decisioun geholl fir d'Aarbechten net an de besteeënde Comité interministériel ze ginn, an deem de Gesondheetsministère an den Educatiounsministère vertruede sinn, mee en Aarbechtsgrupp anzesetzen an deem och den Héichschoulministère, de Familljeministère an de Ministère fir sozial Sécherheet vertruede sinn; dëst fir all concernéiert Ministère mat un engem Dësch ze hunn.

- Am Fall wou de comité interministériel schonn eng Kéier zu dësem Sujet zesumme komm ass, wéi eng Conclusioun goufen zeréck behalen, respektive wat war den Avis vum comité interministériel zu der geplangter Reform vun de Gesondheetsberuffsformatiounen?

N.A.

- Ass e méiglechen Avis zu der Reform vun den Gesondheetsberuffsformatioun op eng Demande vum Gesondheetsministère oder dem Héichschoulministère zeréckzeféieren, oder ass deen aus enger eegener Initiative vum comité interministériel ervirgaangen?

N.A.

- Wéi ass déi aktuell Zesummesetzung vum comité interministériel?

D'Zesummesetzung, d'Organisatioun an de Fonctionnement vun dësem Comité sinn duerch ee Règlement grand-ducal vum 15. Mee 1995 fixéiert. D'Memberen vum dësem Comité gi vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an dem Gesondheetsministère genannt fir eng Dauer vun dräi Joer a setzt sech aus sechs Membres effectifs zesummen:

- 3 Vertrieder aus dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, dorënner den Direkter vum Lycée Technique fir d'Gesondheetsberuffer (LTPS);
- 3 Vertrieder vum Gesondheetsministère. Fir all Membre effectif gëtt ee Membre suppléant genannt.

- Wien assuréiert de Moment d'Présidence vum comité interministériel ?

D'Présidence vum Comité interministériel gëtt laut dem Règlement grand-ducal vum 15. Mee 1995 vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend assuréiert an ass an deene vergaangene Joeren ëmmer vun dem Directeur adjoint vum Service vun der Formation professionnelle vum Educatiounsministère assuréiert ginn.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert